N°4500
Entrée le 14.09.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 4500 vum 20. Juli 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet « Légalité du marché public concernant le parking public à Rodange ».**

1. **Firwat huet den Inneministère an dësem Fall net vun de Méiglechkeete Gebrauch gemaach, déi den Artikel 50 vum ofgeännerte Gesetz vum 8te Abrëll 2018 iwwert d'Marchés publics virgesäit, fir e Marché ze suspendéieren oder ze annuléieren?**
2. **Ass et normal Praxis vum Inneministère, bei enger festgestallter Verletzung vum Marchésgesetz just eng schrëftlech Ermahnung ze verschécken, ouni weider Sanktioun oder Kontroll vum Ausgang?**
3. **Ass de Marché zu Péiteng, deen ouni déi virgeschriwwen Ausschreiwung vergi ginn ass, haut nach juristesch valabel? Wa jo, op wéi enger Basis gëtt e Verstouss géint e verbindlecht Gesetz ouni weider Konsequenz bestoe gelooss?**
4. **Wéi eng aner Fäll vu Verstéiss géint d'Marchésgesetz sinn dem Inneministère an de leschte Joeren bei Gemengen opgefall, a wéi eng dovunner goufen effektiv suspendéiert oder annuléiert no Artikel 50?**
5. **Firwat gouf d'Chamber oder de betraffene Gemengerot net proaktiv iwwert dëse Verstouss informéiert, obwuel de Courrier scho säit iwwer engem Joer virläit? Ass et Politik vum Ministère, esou Verstéiss just op explizit Nofro vun Deputéierten ze verëffentlechen?**

Mir verweisen als alleréischt op d'Äntwert zu der QP 4258.

Dem Inneministère leie kéng nei Elementer an dësem Dossier vir.

Lëtzebuerg, de 13. September 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN